



Putscheid



Tandel



## Campagne geint d'Japanesch Bësch-Moustique



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Direction de la santé

### ÄR GEMENG INVITÉIERT IECH D'MOUSTIQUELARVEGEBIDDER RONDERËM ÄERT HAUS ZE ELIMINÉIEREN

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Japanesch Bësch-Moustique (*Aedes japonicus*), eng invasiv exotesch Moustiquesart, gouf Enn Juli 2018 an de Gemenge vum ënneschten Ourdall entdeckt. Déi identifizéiert japanesch Bësch-Moustique stellen a priori e gerénge Gesondheitsrisiko duer an iwverdroen normalerweis keng Krankheeten, déi d'Gesondheet vu Mënsch an Déiere gefährden. D'Bëss, déi liicht méi wéi dinn ewéi déi vun den eenheemesche Moustiquen, sollen net anescht behandelt ginn. Am Géigesaz zu eise lokale Moustiquen, déi eis normalerweis nuets an eisen Haiser picken, pickt eis déi japanesch Moustique virun allem um Enn vum Dag an de Gäert an an de Bëscher.

An der Zesummenarbecht mat der Gesondheitsdirektioun, fuerdert d'Gemeng d'Awunner op zu enger Kontrollcampagne bäizedroen, déi dorop ofzielt, d'japanesch Moustiquepopulatioun an der Region ze reduzéieren oder ze besäitegen.

Är Mataarbecht ass gefrot fir d'Entwécklung vu Pill a stagnéierende Waasserflächen ronderëm Äert Haus ze vermeiden, déi fir d'Entwécklung vu Moustiqueslarve fërderlech sinn. Besäitegt dofir esou schnell ewéi méiglech all d'Behälter an Utensilien, déi d'Reewaasser aus Ärem Gaart kennen ophuelen, a prüft ob d'Waasser gutt an den Oflaf an an de Kullang fléisst (detailléiert Hiweiser sinn op der Récksäit ze fannen). Dës Virsiichtsmoosname solle bis November 2018 bäibehale ginn, fir ënner manner Moustiquestech ze leiden.

Et ass méiglech dass d'Gemeng an der Zesummenarbecht mat der Gesondheitsdirektioun an dem Naturmusée (Musée national d'histoire naturelle) en Inspektiounsbesuch an der Woch vum 13. August organiséiert. Ech bieden Iech dës Agente frëndlech wëllkomm ze heeschen.

Fir weider Informatiounen kenn Dir d'Gesondheitsinspektioun vun der Gesondheitsdirektioun kontaktéieren, ënnert der Telefonsnummer 247-85650 oder per E-Mail un [inspection.sanitaire@ms.etat.lu](mailto:inspection.sanitaire@ms.etat.lu).

Den Erfolleg vun dëser Aktioun hänkt direkt vun Ärer Mataarbecht of. Mir soen Iech Merci fir Är Hëllef an Äre Opmierksamkeet.


D'Buergermeeschteren  
Roger Zanter, Putscheid  
Romain Wester, Parc Hosingen  
Ali Kaes, Tandel  
Henri Majerus, Vianden

De Gesondheitsdirekter  
Dr. Jean-Claude Schmit

\*\*\*\*\*

**Wësst Dir dat?** Moustiquen, déi eis picken oder belästegen, beweege sech wéineg. Se ginn oft onmëttelbar an eiser Ëmgéigend gebuer. De beschte Wee se lass ze ginn an d'Stéck ze vermeiden ass d'Gebidder vun de Näschter ronderëm eis Haiser ze begrenzen.

## Renseignemeter fir d'Beseitegung vun de Moustiqueslarvegebiddern ronderëm Äert Haus



D'après : Huron County Health Unit

1. **Sprangburen a Bewässerungsanlagen:** Waasser wiesselen an d'Behälter mindestens eemol pro Woch botzen ;
2. **Ofleef a Kullangen:** Reegelméisseg d'Blieder an aner Oflagerunge botzen, fir de Waasseroflaf ze erliichteren ;
3. **Pill & Verdéiwungen:** Besäitege vun den Onglächheete fir d'Formatioun vu persistente Pill ze vermeiden ;
4. **Kullangen:** Reegelméisseg d'Blieder an aner Oflagerunge botzen, fir de Waasseroflaf ze erliichteren ;
5. **Weieren:** Sammelt reegelméisseg ofgestuerwe Blieder aus souwéi an der Géigend vum Weier; erméiglecht d'Entwécklung vu Vegetatioun an Déieren (Libellen, Amphibien, Fësch, asw.) ;
6. **Baatschen:** Stellt sécher dass d'Baatschen, déi d'Holzpeil, Basengen, asw. ofdecken, gutt gespaant sinn fir d'Entstehung vun persistente Pill ze vermeiden ;
7. **Spillsaachen a Behälter:** Stellt sécher dass d'Spillsaachen, Dëppen an aner Géigestänn, déi d'Reewaasser usammele kennen, virum Reen geschützt sinn ;
8. **Schubkaren, Poubellen a benotzte Pneuen:** Stellt sécher dass dës Utensilien virum Reen geschützt gelagert ginn ;
9. **Reewaassersammler fir d'Bewässerung:** Den Deckel fir d'Ofdichte vun ofgestuerwe Blieder a Mécken esou oft wéi méiglech ofdrëpse loossen an ofbotzen, oder d'Wänn un der Waasseruewerfläch mat engem Schwamm ofbotzen (fir d'Méckeneeër ze besäitegen).